

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. August 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Wirtschaftsminister, d'Madamm Familljeminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Schätzung ginn dovun aus, datt d'Liewensmëttelverschwendung bis zu aacht Prozent vun de weltwäiten Zäregasemissiounen ausmécht. Weider besoen international Statistiken, datt esouwuel an den Industrie-, ewéi och an den Entwécklungslänner e Véierel bis d'Hallschent vun de produziéierte Liewensmëttel ewechgehät ginn. Et ass deemno esou, datt all Ressourcen, déi an déi produziéiert Liewensmëttel investéiert ginn - Landmaschinnen, Kraaftstoff, Düngemëttel, Waasserverbrauch - och an héijem Mooss verschwent ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi gesinn déi aktuell Gesetzer aus, wat d'Notze vu Liewensmëttel ugeet, déi, nodeems e Commerce an/oder Restaurant dës ugebueden huet, den Dag selwer net méi verkaaft, respektiv, opgebraucht goufen? Mussen dës Liewensmëttel zwangsléifeg ewechgeheit ginn oder wat fir Konzepter si virgesinn, fir dës Liewensmëttel nach sënnvoll ze notzen? Wat gëtt speziell fir sozial schwach Leit gemaach?
2. Gëtt et Schätzungen, wéi grouss dee Problem vun der Liewensmëttelverschwendung hei zu Lëtzebuerg ass?
3. Wat ass vu Säite vun der Regierung geplangt, fir och hei am Land der Liewensmëttelverschwendung entgéintzewierken?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten